Stellungnahm zur Resolutioun zum : Ausstieg aus der Atomenergie 28.04.2011

Mir gréng begréissen et ausdrécklech, dass endlech europa- an esouguer weltwäit ëmmer méi Leit sech dofir ausschwätzen fir vun der Atomenergie fort ze kommen.

Laang Joeren stoungen déi géng mat dëse Fuerderungen nämlech zimlech eleng do a sinn vun deenen aneren ausgelaacht ginn.

Leider ass d'Nuklearenergie vill ze laang als propper Energie verherrlecht gin, well se jo keen CO2 ausstéisst. Mä propper ass relativ. 50 Joer laang bis 1994 ass de radioaktiven Offall legal einfach an Fässer am Mier versenkt ginn (méi ewéi 100 000t), ouni sech Gedanken ze maachen wat geschitt, wann déi Fässer duerchraschten. Nom Motto: Aus den Augen aus dem Sinn. Seit 1994 gëtt elo de ganze Müll an zweiwelhaften Halen 20-30 Joer tëschegelagert bis en vun 400°op 200° ofgekillt ass.an dann kann a Salzkummeren , déi och ëmstridde sinn ,endgelagert gin. (Wärmeentwicklung während des Zerfallsprozesses.) .Bis haut ass nach keng valabel Léisunge fir den Atommüll fonnt gin. De ganze Knascht an de Weltall ze schéissen ass ze deier an ze geféierlech an och d'Idee vun eng Endlagerung ënResolutionnert der Antarktis ass falegelooss gin well et och ze vill Gefore mat sech bréngt.

Spéitstens virun 25 Joer mat der Katastroph vun Tschernobyl hätt jiddereen missen realiséieren, wéi geféierlech an onkontrolléiert des Atom-Technologie ass. Mä nees ass alles erofgeschrauft ginn, well dëst Accident nëmme konnt geschéien, well zu Tschernobyl alles veraalt an net genuch kontrolléiert war.

Eréischt elo mat Fukushima begräifen vill Leit, dass och a Japan, an dësem héich technesch entwéckelten Land keen des Katastroph an de Grëff kritt.

Iwwerall op der Welt laueren potentiell Atomkatastrophen. Vill Atomkraaftwierker hunn hir Liewensdauer iwwerschratt, esou ewéi dat vun Cattenom, anerer ewéi déi op der Westküst vun Amerika stinn an erdbebengefäerdete Gebidder

Et gouf de Leit och ëmmer vun der Atomlobby verkaaft, den Atomstroum wier bëlleg, vill méi bëlleg ewéi all aner Stroumproduktioun. Mä bëlleg ass relativ; déi direkt Produktioun ass effektiv bëlleg, domadder kann een liicht Geld maachen. Vill Leit hunn awer bis elo schonns bei Atomkatastrophen mat hirem Liewen bezuelt. Nach vill méi Leit, an hir Kanner, bezuelen haut a muer nach mat hirer Gesondheet. An och finanziell muss een, wann een éierlech ass, d'Nokäschten mat arechnen. Nach haut, 25 Joer no der Katastroph vun Tschernobyl, ass ganz Europa erëm gefuerdert matzehëllefen, dass zu Tschernobyl deen bal 1 Mrd deieren Sarkophage kann gebaut ginn fir iwwert deen nach ëmmer strahlenden Reakter ze setzen. A wéi ech virdrun erklärt hunn, fir d'Endlagerung vum Atommüll ass bis haut nach keng valabel Léisung fonnt ginn.

Et schéngt elo endlech de Moment ze sinn, wou en Ëmdenken do ass. Europäesch an och international kint eng Decisioun geholl ginn. Déi gréng Käerjeng sinn frou, dass och eis Gemeng sech dem Opruff un d'Regierung uschléisst, ewech vun der Atomenergie ze goen an ganz de Wee vun enger nohalteger E-Politik anzeschloen a Richtung erneierbar Energien.

Ech profitéieren dovun iech all dozou opruffen och individuell mat ärer Ënnerschreift d' Petitioun fir de Stop vun der Atomkraaft ze ënnerstëtzen, sief dat op de Leschten, déi hei an der Gemeng an der Receptioun ausleien oder sief et iwwer Internet.